KULTUR

# Kabarett im Schafsstall

*Vor kurzem erschien im Verlag Guy Binsfeld ein weiteres literarisches Werk eines Luxemburger Autors:*

Mars Klein, vaterland - mein stück aus deinem testament

*mit Fotos von Claude Freising, gestaltet von Claude Fontaine (96 Seiten, 395 F). Das Buch enthält Texte aus Mars Kleins Kabarettprogramm der letzten vier Jahre, rund 70% seiner Produktion. Gattungsgemäss reichen die Texte vom Limerick bis zur Ballade, von der Konferenzrede bis zur literarischen Parodie (S.64, 24 z.B.) stilistisch gibt es seriöse und ironische Texte, die Sprachverdrehung meistert Mars Klein wie jeder gute Kabarettautor, aber der pure Nonsens ist bei ihm abwesend. Als Ein-Mann-Kabarett konzipiert fehlen auch Dialoge, die Stücke sind bislang auch nicht vertont, obschon einige "Song"- verdächtig sind. "forum" unterhielt sich mit dem Autor.*

*forum: Du hues e Buch erausgin mat Cabaretstexter. Am Buch si nët all Stécker di s Du schonns opgefouert hues. Has de Critèren, no deenen s De dëi erausgewielt hues, dëi s De an d'Buch opgeholl hues?*

M.K.:D'Buch u sech as gewëssermoossen e Rëckblëck op dëi 4 Joer, dëi gespillt sin. Ech hun ewechgelooss wat zevill tagespolitesch as, beispillsweis eng grouss Szeen mat Zitaten a Collagen aus der Chamber iwer d'Oofdreiwungsgesetz, sou Saachen sin ewechbliwen. Mer hun dëi lëtzebuergesch Texter all ewechgelooss, an hu nëmmen däitsch Texter geholl. An dann hu mer och keen "double emploi" gemaach: wann een Thema ähnlech an 2 Programmer behandelt war, hu mer nëmmen een Text geholl, beispillsweis hu mer nëmmen een Einleitungstext geholl. Ech hat och z.B. dem Goethe säi Faustmonolog "Da steh ich nun, ich armer Tor" ëmgeschriwen, mee mir hate schon eppes ähnleches , duerfir sin esou Saachen ewechbliwen.

*forum: Firwat hues de dëi Lëtzebuerger Texter all ewechgelooss?*

M.K.: Well mer eng sproochlech Eenheetlechkeet wollten, a well ech am Fong geholl eréischt an deene läschte Programmer lëtzebuerger Texter hat, am läschte Programm haaptsechlech. Demnächst, wann ech fir Lëtzebuerg nees e Programm man, wäert ech wahrscheinlech hallef an hallef spillen. Ech hun am Ufank ëmmer d'Lëtzebuergescht si gelooss fir nët an dem Pir Kremer oder Paul Pütz seng Maschen eranzefalen.

*forum: As dëi Wiel vun der däitscher Sprooch duerch Däi Studium bedéngt oder mengs de, d'däitsch Sprooch wär besonnesch géegent als Ausdrocksméiglechkeet?*

M.K.: Ech beschäftege mech mam Cabaret sou vun 15-16 Joer un, wou ech schon alles gekuckt hun, och wann ech nët alles verstan hun, an u sech, as dëi Form, dëi ech spillen, eigentlech den däitsche politische Cabaret. All Land huet e bëssche sëng Form, an esou eppes wéi, d'"Lach- und Schiessgesellschaft" kennen ech nët am Frankräich. Et gët vläicht esou Saachen, mee ech kennen se nët. Also engersäits spillen ech an der Traditioun vum däitsche Kabarett, an anerersäits hun ech och durch mäi Studium dëi bescht Méiglechkeete fir an där Sproch ze schaffen. Doriwer eraus gët et interessant Saachen, wou heiansdo och nach e puer franséisch Wuertspiller erarutschen. Sou Saachen fënnt een z.B. am franséische Cabaret komescherweis bei eenzelne Kanadier. Déi hun dann och e ganz anere Genre, deen zum Deel onsem Genre méi no kënnt well se och nët de franséischen Originaltoun hun, mee well se och esou eng Brëck schloen.

*forum: D'Buch as also nët op Däitsch geschriwen, well et elo erauskënnt wou den Editeur Guy Binsfeld wëllt op d'Frankfurter Buchmesse dermatt goen?*

M.K.: Ech spille scho 4 Joer Cabaret, d'Buch as geplangt gin am läschten Dezember.

*forum: Och vum Inhalt hir mierkt een, dass d'Texter vu Lëtzebuerg hir sin, et sin eng ganz Rei Allusiounen ....*

M.K.: Eng ganz Rei Texter sin typesch lëtzebuergesch, an eng Rei Texter si méi allgemeng. Quitte, datt ech och an Däitschland Erfahrunge gemaach hu mat eenzel Texter, déi zwar op Lëtzebuerger Personnage gemënzt waren, hannert deenen dat däitscht Publikum awer hirer Personnage gesin huet. Ech hun z.B. den "Zeitungstext" an Däitschland virgelies, do hun si ganz einfach hier provinziell Zeitungsleit hannedru gesin. Ech war mat Texter zu Karlsruhe, zu Wien, zu Heidelberg, zu Schwetzingen, an 't as mer nie gesot gin, dat wär typesch lëtzebuergesch. Si hun déi Provënzatmosphär, déi klengbiergerlech Atmosphär, an all déi Mentalitéiten, déi am Buch gewise gin - quitte dass eenzel Pointen ënnert den Dësch gefall sin - sie hun se prinzipiell op sech selwer bezun.

*forum: Dat as och - wann ech d'Buch richteg matkritt hun an och däi Cabaret - den Haaptinhalt vun dëngem Cabaret: dee provizielle Schoofsstall, wéi s du dat nenns, auszeméschten.*

M.K.: Jo, dat as een Dëngen, de Provinzialismus, an déi klengbiergerlech Approchen zum Liewen iwerhaapt, an dann all Forme vu Repressioun. Dofir as och z.B., an dat misst Dech interesséiert hun als Lënkskatholik, esou e virulenten Text géint d'Kierch dran. Cabaret schéisst jo ëmmer e bëssche méi schaarf, wéi et misst sin. Wann een en Essay géif schreiwen, da géif ee jo wahrscheinlech méi pondéréiert schreiwen. Mä de Cabaret as keng pondéréiert Form, Cabaret as eng Attackform. All Forme vu Repressioun attackéiren ech, d'Polizei beispillsweis, wann dat eng iwerdriwe Buchstawereiderei gët am Plaz eng menschlech Approche. Also 't geet ëm de Provinzialismus, d'Klengbiergermentalitéit an all Forme vu Repressioun, an am Kulturellen all Forme vun Dommheet, ënner anerem d'Dommheet an den Zeitungen. Och bei den Dichterliesungen geet et ëm lauter Portraien vu Leit hei zu Lëtzebuerg, och wa keng Nimm derbäistin.

*forum: Dëng Texter erstin och zum Deel, wann ech richteg informéiert sin, doduerch dass de am Bistro de Leit nolauschters an hir Sätz wiertlech matschreifs.*

M.K.: Eenzel Szenen sin esou entstanen, awer natiirlech nëmmen eenzel Szenen, mä et sin och, am "Dichtertext" z.B. oder am "Vernissagetext", Originalzitater vun deene betreffenden Auteuren dran. Ech hoffen, dat se et gemierkt hun, wéi se den Text gelies hun.

*forum: Eben well ee wees, datt eng ganz Partie Zitater aus dem Liewen dra sin, wonnert et een ëmsou méi, dass De déi Wuertspiller oft sou fein erauskriss. Eppes wat ech an dëngen Texter bewonneren as jhust déi Manéier, wéi s De mat de Wieder spills.*

M.K.: Dat as en Deel vum Cabaret. D'Pointe as en Deel vum Cabaret. D'Texter gin immens arem ouni dat. Soss gët et e soziologeschen Text oder en Essay, soss gët et e politescht Pamphlet. D'Sprooch, de geschlaffene Saz muss bleiwen, soss hues de kee Cabaret méi.

*forum: Mee du gebrauchs am Fong déi zwou klassesch Gattungen, d'Prosa an d'Lyrik. Et as jo awer nët onbedëngt Usus bei engem Auteur, datt e béides beherrscht.*

M.K.: Ech schreiwe jo am Fong geholl keng Lyrik, ech schreiwen eng politisch Gebrauchslyrik, beispillsweis as déi jo an der Form vill méi - ech gebrauchen elo bewosst dat Wuert - banal, si gët sech mat einfache Rythmen zefridden, dogéint wanns du lo Lyrik schreiws, schreiws de vläicht mat fräien oder och mat méi komplizéierte Rythmen.

*forum: Dat as zum Deel wahrscheinlech dodurch bedëngt well s Du se opféiers, well dat bei der Opféierung vill besser erauskönnt wi bei der Lektür.*

*Du haas gesot du gëngs ophalen mam Cabaret. Wann ech d'Press richteg a vollständeg gelies hun, as am Fong kee Journalist deen der bis elo d'Fro gestallt huet, firwat s De wëlls ophalen?*

M.K.: Majo, do gëtt et verschidde Grënn: Eischtens sin ech der Meenung, dass een sech muss regeneréieren an dass ee keng Masch soll weiderféieren, nëmme well se op eemol gutt leeft. Ech brauch déi Zäit fir nei Idéen ze sammelen an fir och nei Formen ze sichen, d.h. ech halen nët prinzpiell mam Cabaret op. Ob ech nees spillen oder nët, dat weess ech elo nët, mee während zwee Joer spillen ech secher nët, dat as decidéiert. Ech hätt jo och mol eng Kéier Spaass gehat, fir an enger Grupp ze spillen, mat 2-3 Leit mol eppes ze maachen; anerersäits maachen ech och elo rëm aner Saachen; ech wëll mech nët zevill op déi reng satiresch Form beschränken; ech hoffen datt d'nächst Joer méng Reesliteratur op de Maart kënnt, an ech schreiwen elo fir de Radio iwert d'Kultur- a Sozialgeschicht vum 19. Jorhonnert.

*forum: Du hues gesot du gëngs vläicht och nees eng Kéier ufänke mat spillen, wat hues de fir dës Saison wëlles?*

M.K.: Am Cabaret gin ech jhust op Liestournée mam Buch.

*forum: Op Liestournée, dat as hei zu Lëtzebuerg nët onbedëngt üblech.*

M.K.: Ech probéieren e bësschen a kleng Stied an Dierfer eranzekommen; Veianen, Gréiwemaacher an esou; ech siche mer en Organisateur, e Syndicat d'initiative, oder e Veräin, e Club des Jeunes oder iirgend eng Parteisektioun, an ech hun e speziellt Werbeplakat fir d'Buch, dat ee kann aushänken, mat engem Collage vu Photoen aus dem Buch. 'T as engersäits eng Promotiounstour fir d'Buch an anerersäits kulturell

---

**Einstimmungschoral**




**Ich darf ländlich-sittlich – landesadäquat – über Schafe reden. Die Schafe sind nämlich meine Allergie. Die Schafe sind meine Allegorie, mein Ich.**

**Die Wissenschaft zerteilt das luxemburgische Hausschaf in folgende Familien: erstens das Lamm. In diesem Land finden wir meist das belämmerte Lamm. Auch das religiöse Sondermodell ist überproportional vertreten, das Osterlamm. Zweitens das intellektuell kastrierte Schaf. Der klassische Hammel. Den erkennen wir an der verängstigten Grundhaltung, dem typischen Hammelbammel. Rarer ist die Art des Bockes, der sich immerhin durch Bocken wehrt. Echten Seltenheitswert hat der Widder. Der es über den Widerspruch hinaus bis zum oft notwendigen Widerstand bringt.**

**Die Nutzung von Schafen ist vielseitig. Wir lassen uns leicht auseinanderdividieren, denn wir geraten uns vor Neid gegenseitig in die Wolle, bekommen gewöhnlich unser Fett ab, lassen uns das Fell über die Ohren ziehen, werden öfters geschoren, ohne uns um viel zu scheren, reden Käse – und stellen im Kriegsfall das Schlachtfleisch.**




**Vom Wolf im Schafspelz, der auf die krumme Tour sein Schäfchen aufs Trockene bringt, über das schwarze Schaf, das sich wahrscheinlich in ein illegitimes Schäferstündchen verstrickt hat, bis hin zum politisch tätigen Leithammel, der auf ein Staatsbegräbnis hoffen darf – die Schafshierarchie ist allgegenwärtig. Gemeinsam ist der provinzielle Stallgeruch.**

**Der Schlachtruf von uns Schafen, in den wir immer dann ausbrechen, wenn es längst zu spät ist, ist bekannt: Ungeschoren zu bleiben ist der stete Wunsch aller Schafe. (Jesses, was für ein doppelsinniges Wort: Schlachtruf!)**

**Es wird Zeit, daß ein Kabarett das Ausmisten besorgt.**

Regionaliséirung fir mol u nei Leit erunzekommen.

*forum: Mengs de, dëng Aart Texter wären zougänglech fir all Publikum?*

M.K.: Fir all Publikum nët. Ech mengen, Cabaret wann et eben iwer de Revuesniveau erausgeet, as nët absolut zougänglech fir jiddereen. Dat wellt nët heeschen, datt nët aus alle Schichte Leit am Publikum waren, déi waren aus der Aarbechterklass, déi ware vum Land, déi waren al a jonk. Wie kënnt an de Cabaret? Dat sin emol déi Leit, déi prinzipiell Freed hun un der Kritik, déi prinzipiell méi oder manner bewosst Dialektiker sin an iirgend enger Form, déi Spaass hun um Zweifelen, un der Attack an der Satir. Dofir gin och sou ongär typesch Rietsleit an de Cabaret, well déi sech manner gär matt Attacken ausernanersetzen géif ech soen. Du hues meeschtens e Publikum, dat aus liberalen oder méi lénke Schichte kënnt, am Cabaret en général, nët nëmmen a méngem Cabaret. Et gët jo am Fong och kaum rietse Cabaret, iwerraschenderweis. Et muss een sech och emol d'Fro stellen, firwaat dat esou as. Eng Viraussetzung as, dass ee Freed un der Kritik an un der Attack huet. Doniewent muss e gewësse Bildungsniveau do sin. Wann zevill Publikum do as, dat eng Majoritéit vu Pointe nët versteet, da gët et e schlechte Cabaretsowend; ech hat där Owenter e puer, 2,3, wou et och um Publikum, nët u mir eleng geleën huet. Op der anerer Säit war ech awer och ëmmer der Meenung, datt nët jiddereen all Pointe ze verstoe brauch. Dat as guer nët néideg. Et geet duer, wann s De d'Tendenz verstees, de roude Fuedem behälls, och wann eng Pointe buede geet. Dofir as et och interessant, d'Texter elo a gedréckter Form ze hun. Duerno hu schon e puer Leit gesot, datt se vill Pointen erëmfonnt hun, déi se nët héieren haten. Wann der nach fënnef laachen, huet een déi next Pointe scho nët méi matkritt. Also, all Publikum as secher nët zougänglech, mee mir hu leider keng soziologesch exakt Daten iwert dee Phänomen. Et as och erstaunlech bei méngem Cabaret, datt mer am Fong geholl relativ vill eelere Publikum dertëschent hun. Doru mierkt een dann op emol, dass Leit vun 5o-55 Joer frou sin, dass en Tipp verschiddenes seet, wat si heiansdo denken a nët haart äusseren.

*forum: A grad am Duerfmilieu, därft dat der vläicht e Publikum verschafen, deen s De nët hei an der Stad erreechs. Well do jo wahrscheinlech grad déi Bauernschläue - déi jo awer do as - der erlaabt och déi Leit awer trotzdem zum Laachen ze bréngen.*